

Salü, Bleechen!

„Bleechen“, sou hun se hien an de sechzeger Joren gedeeft, wéi en hei opgekräizt as. Deemols stoung d'Lotty nach hannert der Téik. Haut as d'Puck der schons déck véierzeg, an déi, di hie „Bleeche“ gedeeft hun, komme well laang nët méi ran; e puer héchstens nach. Dat si schon hir Bouwen, déi well bei der Téik stin an zu him „Bleeche“ son an nët wëssen, datt et hir Papp waren, déi hien sou gedeeft hun.

Mam Puck gët en eens. En huet et eropwuesse gesinn, an hatt huet ni versicht, en an e Gespréich ze verwecklen. D'Puck gläicht haut dem Lotty wéi duergespaut. 'T mengt een och bei him, et géif ni al gin. Beim Lotty hat et nawell nët vill gedéngt; enges Mueres war et ewech, 't as well eng Eiwegkeet hir. D'Puck seet och „Bleechen“ zu him; 't huet et ni anescht héiren. Wie weess dann, datt hien Dëmm heescht? Där as iwwerhaupt kee méi do.

Wëlls d'nach een, Bleechen?

Hien dréit säi Whiskysglas well eng Véirelstonn an den Hänn ronderëm. D'Puck huet e gudde Bléck. Wéi séng Mamm. Zanter drësseg Joër hun déi zwee d'Bud voll. Wat zitt déi vun uewen aus der Stad heihin? Virwat as hien hei gelant an hänke bliwwen? An dësen Tubakstapëiten? 'T freet keen hien, hie freet och keen. 'T as och egal.

Op engem vun deene knaschtegen Teaterplakaten steet Dezember 59 drop. Dat houg schon do, wéi hien sech fir d'éischt hei voll lafe gelooss huet. Hie kann d'Puck wiirklech gutt leiden; 't soll em jhust keen Äis an de Whisky man. Heinsdo vergësst et dat.



1959. Deemols as dat mam Elis geschitt. D'Elis an hie waren nach virum Krich gebuer, a wéi dee riwwer war, koumen s'an de verléiften Alter. 'T war schéin deemols, mat siwenzéng, uechtzéng mam Velo bis an de Mëllerdall ze fueren, oder mam Zuch bis an d'Stad, op d'Fouer. 'T war alles sou nei fir si, deemools.

Hie sollt dem Papp séng Wonerei iwwerhuelen. D'Elis war bei deene vun der Pabeierfabrik am Déngscht. Se wollten sech bestueden, soubal d'Elis der zwanzeg hätt. 'T koum nët derzou.

59 war et; am Summer. Am Duerf sin e puer Heebléiser gaangen, wéi se d'Elis heembruecht hun; 't war zesumme gaang. Den Dokter an hien an alleguer stoungen se ronderëm et. Kee wouss wat mat em lass wir.

Hie goug all Dag beim Elis laanscht. 'T as nët vill geschwat gin, bei em doheem. Den Dokter gouf ëmmer méi zéi. Mat der Zäit koum e guer nët méi.

## Zwou Hänn ëm e Glas Whisky

Josy Braun

Elis! 'T war e puer Deeg wéi ewech, du huet et nees ugefaangen ze schwetzen; lues, breet, ee Wuert nom aneren. Se hun et nees bei den Dësch op e Stull gesat, a baussen op di wäiss Bänk, virum de wëlle Rousen. Mä dat war alles. 'T as Hiescht gin, Wanter, Fréijor. Am Fréijor huet hie fir d'éischt den Numm vun där Krankheet héiren, eppes mat multi . . . en huet e mat der Zäit vergiess. Joër fir Joër as ëmgaang. Elis!

Dräi Jor laang as en all Dag dohigaang, se hun allebéid nach dru gegleeft, datt et nees anescht géif. An se hun et nach gesot, wéi s'et schon nët méi geduecht hun. Dat do huet jo kee Wäert, Dëmm, hun s'op der Keelebunn zu him gesot. Du kënns op den Hond, sot séng Mamm. An d'Meedercher am Duerf sin hie siche komm, wann Dammentour war; d'Kiirmes.

D'Elis hat dervun héiren, 't huet him Zeene gemaach; 't war nët schéin. 'T wouss, datt et verluer hätt. 'T huet vläicht nach en Zenner gewien.

Géi so dem Elis et, sot séng Mamm, wéi de Papp gestuerwen as, a wéi et drëm goug, fir d'Wonerei z'iwwerhuelen. 'T muss dat verston, huet d'Mamm gemengt. Hie koum mol nët zu Wuert. 'T huet him an d'Gesicht gejaut a gekrasch derbäi, hie bräicht jo lo eng gesond Fra fir de Betrieb, e soll dach nëmme goën. 'T huet him dat duergehät, wat s'all gesot hun; de Papp, ir e gestuerwen as, d'Mamm, de Paschtouer, de Gemengesekretär, den Doudegriewer. Elis!

'T as rëm blo dobanne vum Tubaksdamp, mä d'Puck huet nawell gesinn, datt säi Glas eidel wir. 'T hët him et einfach aus den Hänn. E kroomt a séngem schwaarze Portfeuille an hët eng Zeitungsschnéppel raus. En huet se haut well zéngmol gelies, e weess s'auswenneg. E stécht se nees hannescht. Säi Whisky kënnt.

Deemols huet en ugefaangen ze drénken. En as nach e puermol bei d'Elis gaangen, dräimol vläicht. 'T krut ni e richtegt Enn, mä 't stoung op eemol Haass tèschent hinnen. An dun as en nët méi gaangen. Och nët, wéi dem Elis säi Brudder eng Kéier zu him gesot huet, t'hätt no em gefrot.

D'Joër drop huet en dem Elis séng Frëndin bestuet, mä 't as an de Gënz gaang. D'Elis stoung tèschent hinnen; louch tèschent hinnen. Se hu gesot, deen Dag wéi hie bestuet gouf, hätt et sech aus dem Bett fale gelooss.

Hien huet du méi an der Glasfabrik geschafft, wéi an der Wonerei. Kanner kruten se keng. D'Elis as nët gestuerwen; 't war do, och nuets, wann en nët schlofe konnt; en halwen Zenner schwéier, wäiss, durchsichtig. 'T war och nach do, wéi séng Fra him ugedréckt as, an un deene laange Sonndegnomëtter, wann en eleng virum der Dir souz an op d'Wonerei gestuurkt huet, wou näischt méi gelaf as. 'T war alles dout. Jhust hatt nët.

Virum zwanzeg Joër koum en hier an d'Stad. Hei beim Lotty huet en sech deemools verkroch, tèschent dese schwaarzen Tapëiten, ënnert jonke Leit, déi bei der Téik al gi sin, an deenen hir Bouwen haut bei darselwechter Téik hir Humpen stemmen.

Wëlls d'nach een, Bleechen?

Zwanzeg Joër huet d'Elis also nach gelieft. Elo as et dout. 'T stoung haut an der Zeitung. En huet d'Annonce erausgerappt an agestach. Dout. Ouni Sënn lues a lues gestuerwen, ouni Sënn gebueren, alles futtige-maach.

E steet op a geet bezuelen.

